N°1356
Entrée le 14.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.10.2024
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 14. Oktober 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Dem Rapport d'évaluation iwwert d'*Prise en charge des élèves à besoins spécifiques* vun 2022 no, gi manner wéi 1% vun alle Schüler:inne hei zu Lëtzebuerg an engem Kompetenzzenter oder am Ausland scolariséiert. Generell, kommunizéiert den Educatiounsministère just punktuell méi detailléiert Zuelen zu de Schüler:innen déi en Dossier bei der nationaler Inclusiounskommissioun (CNI) hunn esou wéi iwwert d'Personal, dat an dësem Beräich schafft. Dobäi spill déi systematesch Erhiewung vun Donnéeën eng immens wichteg Roll fir den Enseignement vun alle Kanner ze verbesseren.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:

- Wéi vill Schüler:innen hunn aktuell en Dossier bei der CNI?
- Wéi vill Schüler:inne ginn aktuell vu wéi engem Kompetenzzenter oder enger Antenn vun engem Kompetenzzenter beschoult oder begleet?
- Wéi vill Schüler:inne sinn aktuell am Ausland scolariséiert oder encadréiert?
- Wéi vill Schüler:inne mat Besoin spécifique ginn aktuell ganz an der Reegelschoul beschoult, wéi vill deels an der Reegelschoul an deels enzwousch anescht a profitéiere vun enger spezialiséierter ambulanter Interventioun, a wéi vill ganz ausserhalb vun der Reegelschoul?
- Wéi vill Schüler:innen hunn eng eent-zu-eent-Betreiung an der Reegelschoul?
- Wéi vill Schüler:inne sinn op der Waardeléscht vun engem Kompetenzzenter? Ëm wéi eng Kompetenzzentren handelt et sech?
- Wéi vill spezialiséiert Enseignantë fir Schüler:inne mat spezifesche Besoinen (I-EBS) ginn et aktuell a wéi vill I-EBS si fir dës Rentrée nei rekrutéiert ginn? Ass et méiglech dës Donnéeë ventiléiert no Etablissement an deem d'I-EBS schaffen unzeginn?
- Wéi vill Assistent:inne fir Schüler:inne mat spezifesche Besoinen (A-EBS) ginn et aktuell a wéi vill A-EBS si fir dës Rentrée rekrutéiert ginn? Ass et méiglech dës Donnéeë ventiléiert no Etablissement an deem d'A-EBS schaffen unzeginn?
- Wéi eng Donnéeë ginn am Beräich vun der Inklusioun systematesch dokumentéiert an opbereet? Zanter wéini ginn dës Donnéeë jeeweils dokumentéiert?
- Wéi fonctionéieren aktuell d'Zesummenaarbecht an den Austausch tëschent de Kompetenzzentren? Wéi eng Prozedure sinn do virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1356 vun der honorabeler Deputéiert Francine Closener**

**Ad 1) -5)**

Aktuell hunn 3.509 Schülerinnen a Schüler en Dossier bei der nationaler Inklusiounskommissioun (CNI). Fir 3.361 vun dëse Schüler ass eng spezialiséiert Prise en charge duerch ee Kompetenzzentrum festgehale ginn.

Ënnert de Begrëff vun der spezialiséierter Prise en charge falen nieft der spezialiséierter Beschoulung an enger Klass vun engem Kompetenzzentrum an der ambulanter Prise en charge vum Schüler a senger Klass vun der Grondschoul oder dem Lycée duerch ee Kompetenzzentrum, zanter der Reform vun 2023 och déi spezialiséiert Léieratelieren an d'Reeducatiouns- an Therapiemesuren, déi vun de Kompetenzzentren ugebuede ginn.

Aktuell ass fir 964 Schüler eng spezialiséiert Beschoulung an enger Klass vun engem Kompetenzzentrum festgehale ginn a fir 1.213 Schüler eng ambulant Prise en charge duerch ee Kompetenzzentrum an der Klass vun hirer Reegelschoul (Grondschoul a Lycée).

Fir 54 Schüler huet d'CNI eng Beschoulung am Ausland festgehalen.

Doriwwer eraus kréien aktuell ronn 5.000 Schüler eng ambulant Prise en charge duerch ee Member vun enger Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs spécifiques (ESEB) an der Reegelschoul (Grondschoul a Lycée).

Genau Zuelen doriwwer, wéi eng Schüler eng Eent-zu-eent-Betreiung an der Reegelschoul kréien, ginn et net, well fir all Schüler d'Mesuren individuell op hir Besoinen ugepasst ginn a reegelméisseg evaluéiert an adaptéiert ginn.

**Ad 6)**

Wéi schonns an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 663 erwäänt, wiisst den Dispositif fir Schüler mat spezifesche Besoine kontinuéierlech mat de Besoinen, déi vun deene jeeweilegen Instanzen identifizéiert ginn, fir esou der Demande kënne gerecht ze ginn. Dat huet dozou gefouert, datt schonns an deene leschte Jore kontinuéierlech nei Poste geschaf goufen, datt méi Personal agestallt gouf an zousätzlech Annexen a Klasse vun de Kompetenzzenteren opgaange sinn.

Och an deenen nächste Jore wäert weiderhin an den Dispositif fir Schüler mat spezifesche Besoinen investéiert ginn; dëst souwuel, wat déi personell Ressourcë wéi och d'Infrastrukture betrëfft. Awer och un der Entwécklung an Implementéierung vun innovative pädagogesche Konzepter gëtt geschafft, fir den heterogene Besoine vun de Schüler an hirem Ëmfeld méiglechst effizient kënne gerecht ze ginn.

**Ad 7)**

Aktuell ginn et 158 spezialiséiert Enseignantë fir Schüler mat spezifesche Besoinen (I-EBS), vun deenen der 23 fir d'Rentrée 2024/2025 rekrutéiert goufen. Am follgenden Tableau gesäit een, a wéi enge Schoulen déi 158 I-EBS affektéiert sinn, woubäi d'Affektatioune vun den I-EBS, déi fir d'Rentrée 2024/2025 rekrutéiert goufen, mat engem Stärche markéiert sinn.

| *Gemeng 24/25* | *Affektatiounsschoul(en) 24/25* |
|---|---|
| Beefort | Beeforter Buergfénkelcher |
| Biekerech | Schoul Biekerech * |
| Baërdref | École fondamentale de la commune de Berdorf / CLI * |
| Bartreng | École de Bertrange |
| Beetebuerg | Reebou-Schoul |
| Beetebuerg | Schoul am Duerf |
| Beetebuerg | Sonneschoul |
| Bettenduerf | École fondamentale de Bettendorf |
| Betzder | Schoulcampus Am Stengert |
| Syndicat Billek Dreiborn (Fluessweiler & Wuermeldeng) | École fondamentale Billek |
| Biissen | Biisser Schoul |
| Biwer a Mäertert | École centrale "An der Wiss" / École fondamentale Pierre Frieden * |
| Buerschent | Zentralschoul Buurschent |
| Bous a Stadbriedemes | École Centrale Bous / École de la Commune de Stadtbredimus |
| Clierf | Schoulzenter Reiler |
| Colmer-Bierg | Centre scolaire Grand-Duc Henri |
| Konsdref | École fondamentale de Consdorf |
| Conter | Centre scolaire et sportif "Um Ewent" * |
| Duelem | Campus Scolaire de la commune de Dalheim |
| Dikrich | École communale de Diekirch |
| Déifferdeng | École fondamentale Differdange |
| Déifferdeng | École fondamentale Fousbann |
| Déifferdeng | École fondamentale Niederkorn |
| Déifferdeng | École fondamentale Oberkorn |
| Déifferdeng | École fondamentale Woiwer |
| Déifferdeng | École fondamentale Niederkorn / École fondamentale Differdange * |
| Dippech | École Centrale de Schouweiler |
| Diddeleng | École Boudersberg |
| Diddeleng | École Brill |
| Diddeleng | École Deich |
| Diddeleng | École Gaffelt |
| Diddeleng | École Lenkeschléi |
| Diddeleng | École Ribeschpont |
| Diddeleng | École Strutzbierg |
| Iechternach | Millermoaler Schull Echternach |
| Ierpeldeng un der Sauer | Schoulzentrum Ierpeldeng |
| Esch-Sauer | École centrale Heiderscheid * |
| Esch-Uelzecht | École fondamentale "Ancien Lycée" / École fondamentale Brill |
| Esch-Uelzecht | École fondamentale Brill |
| Esch-Uelzecht | École fondamentale Bruch |
| Esch-Uelzecht | École fondamentale Dellhéicht * |
| Esch-Uelzecht | École fondamentale Grand 'Rue |

| | |
|---|---|
| Esch-Uelzecht | École fondamentale Lallange |
| Esch-Uelzecht | École fondamentale Nonnewise |
| Esch-Uelzecht | Generatiounscampus Wobrecken |
| Ettelbréck | Ettelbrécker Schoul |
| Ettelbréck | Ettelbrécker Schoul |
| Feelen | Am Kuebebongert |
| Fëschbech | Angsber Schoul |
| Fréiseng | École fondamentale de la commune de Frisange |
| Garnech | École fondamentale de Garnich |
| Géisdref | Schoul Op der Héckt |
| Gréiwemaacher | École fondamentale Grevenmacher |
| Groussbus | Groussbusser Schoul |
| Habscht | École fondamentale de la Commune de Hobscheid |
| Harel | Regionalschoul Uewersauer |
| Helperknapp | Schoul Helperknapp |
| Hesper | École de Alzingen |
| Hesper | École de Fentange |
| Hesper | École de Hesperange |
| Hesper | École de Howald |
| Hesper | École d'Itzig |
| Jonglënster | Schoul Gonnereng / Schoul Buerglënster |
| Jonglënster | Schoul Jonglënster |
| Käerjeng | École fondamentale de Bascharage |
| Käerjeng | Schoul Kéinzig |
| Keel | École Faubourg |
| Keel | École JP Nuel |
| Keel | Widdem Schoul |
| Kielen | Kehlen - Schoul Kielen |
| Käerch | Schoul Käerch * |
| Koplescht | École Bridel-Kopstal |
| Fiels | Fielser Schoul |
| Leideleng | École de Leudelange |
| Lëntgen | École de Lintgen |
| Luerenzweiler | Campus scolaire Jos Wohlfart |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Belair-Diderich |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Belair-Kayser |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Bonnevoie-Gellé |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Bonnevoie-Schlechter |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Bonnevoie-Verger |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Cents |
| Lëtzebuerg | École fondamentale de Beggen |
| Lëtzebuerg | École fondamentale de Cessange * |
| Lëtzebuerg | École fondamentale de Clausen |
| Lëtzebuerg | École fondamentale de Limpertsberg |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Dommeldange |

| | |
|---|---|
| Lëtzebuerg | École fondamentale Eich |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Gare |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Gasperich |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Hollerich |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Kirchberg |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Merl |
| Lëtzebuerg | Eis Schoul / École fondamentale de Hamm * |
| Mamer | Campus scolaire de Capellen |
| Mamer | École fondamentale "Kinneksbond Mamer" |
| Miersch | École de Mersch * |
| Mäertert | École fondamentale Wasserbillig |
| Mäerzeg | Mäerzeger Schoul |
| Monnerech | École de Mondercange |
| Monnerech | École de Pontpierre |
| Munneref | Complexe scolaire Grande-Duchesse Maria Teresa * |
| Nidderaanwen | École fondamentale "Am Sand" |
| Noumer | Schoulcampus Noumer |
| Péiteng | Schoul Lamadelaine |
| Péiteng | Schoul Péiteng |
| Péiteng | Schoul Rodange |
| Péiteng | Schoul Rodange / Schoul Péiteng * |
| Préizerdaul | Schoul Préizerdaul |
| Rammerech | Centre scolaire "Raoul Follereau" Koetschette * |
| Reckeng/Mess | Schoul Kleesebierg |
| Réiden-Atert | Schoul Réiden |
| Reisdorf | École Fondamentale Reisdorf * |
| Réimech | École de la Ville de Remich |
| Réiser | École de Roeser |
| Réiser an Esch-Uelzecht | École fondamentale de Berchem / École à journée continue J. Jaurès * |
| Rouspert-Mompech | Schull Rouspert |
| Rouspert-Mompech an Hiefenech | Schoul Mompech / Schoul vun der Gemeng Hiefenech |
| Rëmeleng | École fondamentale Sauerwiesen |
| Sëll | Sëller Schoul * |
| Sandweiler | Zentralschoul Sandweiler |
| Suessem | École Belvaux-Poste |
| Suessem | École Chemin rouge |
| Suessem | École Sanem |
| Suessem | École Scheuerhof |
| Suessem | École Soleuvre 2000 |
| Suessem | Kanner Campus Belval |
| Suessem a Monnerech | École Ehlerange / Écoles Pontpierre et Mondercange |
| Schengen | Zentralschoul Bech-Maacher |
| Schengen | Zentralschoul Elwéng / Zentralschoul Remerschen |
| Schieren | Schierener Schoul |
| Schëffleng | École Albert Wingert |

| | |
|---|---|
| Schëffleng | École Lydie Schmit |
| Schëffleng | École Nelly Stein |
| Wëlwerwolz | École Schoulkauz |
| Schëtter | Campus Schoul an der Dällt |
| Pëtschent a Park Housen | Centre scolaire "Parc Housen" |
| Stengefort | École fondamentale de la commune de Steinfort |
| Steesel | École fondamentale de la Commune de Steinsel |
| Stroossen | École fondamentale de Strassen |
| Bech a Manternach | École fondamentale "Renert" |
| Tandel | Schoul Tandel |
| Ëlwen | Ëlwenter Schull |
| Useldeng | Schoul Useldeng |
| Ärenzdallgemeng | Schoul am Weier |
| Veianen | Veiner Schull |
| Viichten an Ell | Schoul Um Sonnegäertchen / Schoul "Um Fräschepillchen" * |
| Wal | Schoul Gemeng Wahl * |
| Waldbëlleg | Michel-Rodange-Schoul Waldbëlleg |
| Waldbriedemes | École fondamentale de Trintange * |
| Walfer | École Walferdange * |
| Weiler zum Tuer | École centrale Weiler-la-Tour |
| Wäiswampech | Wämper Schull |
| Wolz | École - Reenert |
| Wolz | École - Villa Millermoaler |
| Wolz | Wunne mat der Woltz * |
| Wëntger | Schoul um Kiemel |
| Wëntger a Wolz | Schoul um Kiemel / Wunne mat der Wooltz * |

**Ad 8)**

D'Rekrutéierung vun den Assistente fir Schüler mat spezifesche Besoinen (A-EBS) huet dëst Schouljoer ugefaangen a bis zur d'Rentrée 2026/2027 sollen 150 A-EBS rekrutéiert ginn. Fir d'Schouljoer 2024/2025 goufen ewell 50 A-EBS rekrutéiert, déi all bis Mëtt Januar 2025 an hirer jeeweileger Schoul ufänke wäerten. A follgendem Tableau sinn d'Schoulen opgelëscht, an deenen dës A-EBS intervenéieren resp. intervenéiere wäerten.

| ***Gemeng 24/25*** | ***Affektatiounsschoul(en) 24/25*** |
|---|---|
| Lëtzebuerg | École fondamentale Clausen |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Kirchberg |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Bonnevoie-Schlechter |
| Lëtzebuerg | École fondamentale Dommeldange |
| Kielen | Schoul Kielen |
| Mamer | École fondamentale "Campus Kinneksbond" Mamer |
| Stengefort | École fondamentale de la commune de Steinfort |
| Péiteng | Schoul Rodange |
| Käerjeng | École Fondamentale de Bascharage |
| Péiteng | Schoul Péiteng |

| | |
|---|---|
| Péiteng | Schoul Lamadelaine |
| Déifferdeng | École Fondamentale Differdange |
| Déifferdeng | École Fondamentale Fousbann |
| Déifferdeng | École Fondamentale Niederkorn |
| Suessem | École Chemin Rouge |
| Suessem | Kanner Campus Belval |
| Schëffleng | École Albert Wingert |
| Esch-Uelzecht | École fondamentale Brill |
| Esch-Uelzecht | École fondamentale Dellhéicht |
| Esch-Uelzecht | École fondamentale Grand 'Rue |
| Rëmeleng | École fondamentale Sauerwiesen |
| Diddeleng | École Deich |
| Keel | Widdem Schoul |
| Diddeleng | École Strutzbierg |
| Beetebuerg | Schoulcampus am Duerf |
| Réiser | École de Berchem |
| Fréiseng | École Fondamentale de la Commune de Frisange |
| Réimech | École de la Ville de Remich |
| Munneref | Complexe scolaire Grande-Duchesse Maria Teresa |
| Lenneng | École fondamentale de la commune de Lenningen |
| Bous | École Centrale Bous |
| Nidderaanwen | École fondamentale «Am Sand» |
| Mäertert | École fondamentale Wasserbillig |
| Syndicat Billek Dreiborn (Fluessweiler & Wuermeldeng) | École fondamentale Billek |
| Iechternach | Millermoaler Schull Eechternoach |
| Rouspert-Mompech | Schull Rouspert |
| Waldbëlleg | Michel-Rodange-Schoul Waldbëlleg |
| Miersch | École de Mersch |
| Walfer | École Walferdange |
| Steesel | École Fondamentale de la Commune de Steinsel |
| Habscht | École fondamentale de la commune de Hobscheid |
| Mäerzeg | Mäerzeger Schoul |
| Helperknapp | Schoul Helperknapp |
| Ettelbréck | Schoul Ettelbréck |
| Dikrich | École communale Diekirch |
| SISPOLO | Centre scolaire "Parc Housen" |
| Clierf | Schoulzenter Reiler |
| Wëlwerwolz | École SCHOULKAUZ |
| Wëntger | Schoul um Kiemel |
| Esch-Sauer | École centrale Heiderscheid |

**Ad 9)**

Am Beräich vun der Inklusioun sinn nach ëmmer Donnéeën iwwert d'Schüler mat spezifesche Besoine gesammelt ginn, déi eng spezialiséiert Prise en charge krut hunn.

Fir d'Donnéeën iwwert den Dispositif de prise en charge fir Schüler mat spezifesche Besoine besser an méi systematesch opbereeden ze kënnen, gräift een haut op Outile wéi den digitale Schülerdossier zeréck, deen et erlaabt, e kontinuéierleche Suivi vun den Donnéeën ze hunn.

Aktuell schaffen och innerhalb vum Ministère de Service national de l'éducation inclusive (SNEI) an de Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) un engem Dashboard, deen an Zukunft d'Publikatioun vun Zuelen aus dem Beräich vun der schoulescher Inklusioun vereinfache wäert.

**Ad 10)**

Den Austausch an d'Zesummenaarbecht tëschent de Kompetenzzentre fënnt op verschiddenen Niveaue statt.

Fir d'alleréischt schaffen d'Kompetenzzentren direkt um Terrain mateneen, wann si zum Beispill ee spezialiséierten Diagnostik erstellen oder eng spezialiséiert Prise en charge bei engem Schüler assuréieren. Fir d'Wichtegkeet vum Austausch tëschent den Agenten nach eemol ze ënnersträichen, goufen am Gesetz vum 23. Juli 2024, dat d'Tâchë vum edukativen a psycho-sozialen Personal reegelt, spezifesch Concertatiounsstonne virgesinn.

Dann ass et esou, datt d'Kompetenzzentren, nieft der Aarbecht um Terrain, och Vertrieder a verschiddene Kommissiounen hunn, wéi zum Beispill a sämtlechen Inklusiounskommissiounen (CI) an de Regionaldirektiounen an an de Lycéeën, der nationaler Inklusionskommissioun (CNI) oder der Kommissioun fir raisonabel Amenagementer (CAR). Des Weideren hu si Vertrieder an enger Rei Aarbechtsgruppen, déi vum Collège des directeurs vun de Kompetenzzentren oder awer vum Ministère an d'Liewe geruff gi sinn. Dëst erméiglecht ee reegelméissegen Austausch tëschent de Kompetenzzentren a fërdert eng besser Zesummenaarbecht.

Lëtzebuerg, den 19. November 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH